



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen den 29. Januar op der Antenn vun RTL diffuséiert gouf, huet den Här Bausseminister am Bezuch op d'Krichssituatioun an der Ukrain ënner anerem dat heite gesot: "*Wann d'Diplomatie net méi gräift, da gräift just nach eent, an dat ass d'Gewalt!*".

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, ob si Friddensinitiativen ewéi z.B. déi vum brasilianesche President ënnerstëtzt?
- 2) Kann d'Regierung confirméieren, datt et och tëschent westlechen NATO-Staaten, wéi z.B. den USA, a Russland am Abléck Kontakter gëtt fir eng negociéiert Léisung ze fannen? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg aktiv Friddensinitiative vun NATO-Länner?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen ob si, anescht wéi vill aner Länner, der Meenung ass, datt de Krich an der Ukrain keng diplomatesch Léisung ka fannen, mee muss militäresch gewonne ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten